20 Joër
Fly Fishing Club Lëtzebuerg

Ech erlabe mir eemol einfach de Bericht iwwert eis 19. uerdentlech Generalversammlung mat mengem Highlight vun der Woch unzefänken, konnt ech dach mäin perséinleche Fësch vum Liewe fänken. Nodeems ech Dësem iwwer Wochen opgelauert hat, konnt ech Hien endlech dëse Mëttwoch, mat enger Hiechtméck déi mir den Eric Arbogast extra dofir gebonnen hat, iwwerlëschten. Leider hunn ech mäin Hiecht weder gewien nach gemooss ewell ech Hien erëm séier an d´Fräiheet entloosse wollt. d´Fänke wor nämlech dat zweet Schéinst, dat Schéinst fir mech wor de Fësch erëm fortschwammen ze gesinn nodeems ech als Erënnerung meng Foto kritt hat, dofir sinn ech Méckenfëscher ginn.

déi 19. uerdentlech Generalversammlung vum Fly Fishing Club Lëtzebuerg

Nodeems mir dëst Joer am Februar als Club 20 Joer al gi woren huet leider eis 19. uerdentlech Generalversammlung mat engem trauregen Ulass ugefaangen, andeems mir eng Gedenkminutte fir eise laangjärege Member vun der éischter Stonn, de Reiners René, deen eis leider vill ze fréi verlooss huet, ageluet hunn. No deem kuerzen Anhale si mir dunn lues a lues iwwergaangen an den normalen Oflaf vun der Generalversammlung andeems eise President a senger Aféierung op dat

vergaangen d' Joer agaangen ass. Mir haten dat lescht Joer vill schéi Sortien zesummen erlieft op déi mir gären zeréck kucken, hei woren d'Héichpunkter ënner anerem eisen Openthalt zu Saulxures an de Vogesen um Lac de la Moselotte wou mir erëm dräi wonnerschéi Fëscherdeg a beschter Komerodschaft konnte verbréngen, och eis Sortien op Latilly, Boismont, Lacroix sur meuse, Freux, La Strange a Brouennes hunn gewisen ëm wat et bei onsere Club geet a firwat mir ëmmer erëm op een Neist zesumme de Weë bei d'Waasser fannen, nämlech ee schéine Fëscherdag ënnert Gläichgesënnten ze verbréngen. Groussen Uklang hat och déi zweet Ausféierung vun eisem Frënschaftsfëschen am Gedenken un eise verstuerwene Member, de Patrick Riehl, bei eise Membere fond, wourun 18 Fëscher aus eisem Club sech bedeelegt haten a wou d'Equipe Patrick Bartholmé / Jemp Hoffmann als Gewënner ervirgaange woren.
Och eise Worfkur um Ufer vun der Uewersauer, eist Clubfëschen an zwee Duerchgäng am Heischenter Gronn an zu Rabais oder eis Sortien an de Bräurup zu Mittersill woren Héichpunkter déi mir net mësse wëllen. Eis Bannkuren déi regelméisseg de Wanter iwwer beim Joé zu Lamadelaine op der Weiere stattfanne wore gutt besicht an nodeems d'Memberen de Wonsch geäussert hate fir dass de Bannkur erëm ee Mol an der Woch soll stattfannen hate mir deem Wonsch och entsprach.

Nom President wor et dunn un eisem Sekretär fir op d'Aktivitéiten anzegoen déi eis an der neier Saison bevirstoen. Mir hunn dëst Joer déi gewinnten Destinatioune bäi behalen an dernieft ass d'Sortie op Socourt erëm an de Programm opgeholl ginn. Hien huet awer missen ernimmen dass et ëmmer méi schwéier gëtt den Aktivitéitskalenner zesummen ze

stellen, och dëst Joer huet aus deene verschiddenste Grënn ëmmer erëm missen un den Datumer gefréckelt ginn esou dass et sech zum Beispill net verhënnere gelooss huet dass mir zwee Mol hannerteneen an d'Vogese fueren an och Latilly huet missen am Kalenner geréckelt ginn. Finalement huet eisen Sekretär, den Erni Arend, awer och dëst Joer erëm ee flotten Aktivitéitskalenner op d'Rei bruecht wat awer wei schonn ernimmt net esou einfach wor. Hien huet dann och nach den Nominativen Opruff vun de Membere gemeet fir ze gesi Wien Alles unwiesend wor.

Duerno huet erëm de President, de Jean Jaques May, d'Wuert ergraff fir mam normalen Oflaf virun ze fueren. Hien huet eis dunn Demissioun vun eisem Caissier, dem Gast Graas, matgedeelt net awer ouni ze ernimmen dass Hien dat gutt no vollzéie kéint, ass de Gast dach ee villbeschäftege Mann deen awer och an Zoukonft dem Club trei bleift. Hien huet dem Gast, och ee Member vun der éischter Stonn deen dernieft och vun Ufank aus un d'Kees gefouert huet, villmools Merci gesot fir seng laangjäreg perfekt gefouert Aarbecht mat der Kees, wat Him och dëst Joer déi zwee Keesserevisoren, de Carlo Mack an de Yvon Erpelding, erëm confirméiert hunn an natierlech huet Hien och d'Entlaaschtung vun de Membere fir seng Kees kritt. Frou wore mir awer och dass mir am Jemp Hoffmann ee wëllege Mann fonnt hunn deen déi gutt Aarbecht vum Gast och an deem Sënn weider féiere wäert. Séier sinn dunn nach déi austriedend Komiteesmemberen Alleguer an hirer Funktioun bestätegt ginn an dunn koum et zur feierlecher Éierung vun de Gewënner vun der Clubmeeschterschaft 2015.

Clubmeeschter dat leschte Joer wor den André Jung ginn an dat op eng iwwerzeegend Aart a Weis, wor Hien dach bei deenen zwee Duerchgäng esouwuel am Fléissgewässer wei och am Stëllgewässer all Kéiers als Beschten ervir gaangen. Déi zweete Plaz konnt den Dan Pierrot beleeën, och Hien ass een ale Fuuss a konnt schonn all Plaz um Podium anhuelen. De Podium ofgerënnt huet de Bartholmé Patrick och Hien hat eng gutt Performance un den Dag geluecht a konnt sech am zweeten Duerchgang nach vun der siwenter Plaz op déi Drëtt no fir schaffen. Mir wëllen awer och ernimmen dass de Sedat Asani bei senger éischter Participatioun eng gutt véierte Plaz konnt beleeën an domadder nëmme knapps de Podium verpasst hat an och eise jéngste Fëscher de Bartholmé Joé konnt nodeems Hien schonn am Fléissgewässer op de Podium komm wor am Schlussklassement eng excellent fënnefte Plaz bei senger éischter Participatioun beleeën.

Ofschléissend hunn mir den Owend bei engem gemittleche Patt ausklénge gelooss andeems mir eis de Film “eis Rees duerch d´Joer 2015” ee Réckbléck mat de beschte Momenter vum vergaangene Joer, ugekuckt haten a scho wor och erëm déi 19. Uerdentlech Generalversammlung gelaf esou dass mir scho ganz a Gedanke beim Dag no der Generalversammlung, eiser Sortie “ den Dag vum President ” op Rabais wore wou mir hoffentlech wei all Joers vill schéi Momenter kënnen zesumme verbréngen.